Presskonferenz vun der AHL – 1. Oktober 2007
Interventioun vum Här Romain Schroeder

(Et gellt dat geschwaate Wuert)

Dir Dammen an Dir Häre vun der Press,
Dir Dammen an Dir Häre vun den Ambassaden,

Vill ass an de leschte Méint a Joeren iwer d'Lëtzebuerger Justiz gesoot gin. Och vill Männer a Pappen déi an enger Situatioun vun Trennung oder Scheedung liewen hu leider Uersaach fir mat eiser Justiz net zefridden ze sin.

Ech well Iech haut an ë puer Wierder véier konkret Problèmer virstellen, déi d'AHL besonnesch beschäftegen:

- Déi praktesch Stroffräiheet vun der Nët – Representatioun vun de Kanner
- Den automateschen Exequatur vun europäesche Gerichtsuerteeler
- De Nët-Respekt vun der Onscholdssuppositioun duerch e lëtzebuergescht Geriicht
- D'Behuelen vu verschiddene Kanneraffekoten.

A) Iwer **d'Net-Representatioun vun de Kanner**, déi am Code Pénal ausdrecklech als Delikt erfaast ass, well ech d'Positioun vun der AHL nach eng Kéier däitlech ennersträichen:

Woch fir Woch gett et leider ganz vill Pappen déi hir Kanner wellen fir de Week-end ofhuelen an déi sech da mat engem Refus vun der Mamm konfrontéiert gesin. Déi Mammen, déi dat maachen wessen, dat d'Justiz den Delikt praktesch nie verfollegt, an dat sie sech ausser an denen extremste Fäll dorop verloosse kennen dat sie, och wann mol eng Kéier esou e Fall viru Geriicht komme sollt, an aller Regel stroffräi bleiwen.

D'AHL ennersträicht dat hei net nemmen d'Recht vum Papp verletzt gett, fir kennen bei senge Kanner ze sin, mee dat och de Kanner geschued gett, déi ouni all Zweifel och e Recht op hire Papp hun. D'Kanner brauchen hire Papp! Wéi wëll d'Justiz credibel sin, wann déi Uerteeler déi am Kader vun enger Scheedung geschwaat gin, zwar géint iwer dem Papp konsequent duerchgesaat gin, zum Beispill wann hien aus sengem Haus oder aus senger Wunneng raus muss, mee déi de Mammen et awer erlaabt hir Verflichtungen net anzehaalen?

D'AHL verlaangt:

- vun der Police, dat sie emmer d'Plainten vun de Pappen korrekt ophellt an sie un de Parquet weider leet,

- dat de Parquet mat senger Politik vun der Toleranz géint iwer der Nët-Representatioun vun de Kanner ophéiert an déi Elterendeeler konsequent verfollegt, déi dem aaneren Elterendeel d'Kanner net iwergin. Hei ass ausdrecklech och op déi direkt Verantwortung vum Justizminister hinzeweisen.

- Dat d'Geriichter endlech duerchgräifen an déi Persounen déi d'Besuchsrecht verletzen och bestrofen!

B) Zum zweiten, möchte ich Ihnen nun Herrn Rechtsanwalt Bernhard Theisen aus Cochem vorstellen. Herr Theisen ist seit 1979 als Rechtsanwalt tätig. Er ist Fachanwalt für Familienrecht und seit 2002 besonders engagiert im Bereich der Lehr- und Fortbildungstätigkeit für Familienrichter und Rechtsanwälte im gesamten Bundesgebiet. Er ist vor allem auch Mitbegründer der „Cochemer Praxis" oder des „Cochem Modells" zur Weiterentwicklung des Familienrechts, das in Deutschland sehr viel Interesse findet und das wir Ihnen in einem Dokument, das Sie bitte in Ihrer Pressemappe finden, eingehender vorstellen.

Herr Rechtsanwalt Theisen ist heute zu uns nach Luxemburg gekommen um besonders über **Probleme im Bereich der gegenseitigen, automatischen Anerkennung zivilrechtlicher Urteile in den meisten Mitgliedstaaten der Europäischen Union zu sprechen.**

Die AHL ist bereits mehrmals auf diese Problematik engegangen. Grundlage unserer Sorgen und Bedenken ist das « Règlement CE 44/2001 » vom 22. Dezember 2000 das besonders bei grenzüberschreitenden Alimentenzahlungen eine wichtige Rolle spielt, und dabei die Rechte des Schuldners – im Allgemeinen der unterhaltspflichtigen Männer und Väter - nur ungenügend respektiert. Die luxemburgische, wie auch andere, europäische Regierungen möchte nun, im Zuge einer weiteren Harmonisierung des europäischen Zivilrechts, die Rechte der Schuldner – also meistens der Männer - noch weiter einschränken.

Herr Rechtsanwalt, Sie haben das Wort:

(Ausführungen von Herrn Rechtsanwalt Theisen)

Vielen Dank, Herr Rechtsanwalt für diese interessanten Ausführungen!

Die AHL möchte betonen, dass sie eine Reform dieser europäischen Rechtsinstrumente fordert, um die Rechte der Schuldner zu stärken und nicht um sie weiter zu schwächen.

Insbesondere sollte es keine Anerkennung von ausländischen Gerichtsurteilen geben,

- wenn die Kompetenz des ausländischen Gerichts strittig ist, denn hier muss die Justiz die Interessen der nationalen Souveränität berücksüchtigen und die jeweiligen Staatsbürger schützen, oder

- wenn das Urteil mehrere Staaten betrifft, wie zum Beispiel in einem Fall wo ein Drittstaat (wie hier die USA) für einen ihrer Staatsbürger in Deutschland konsularischen Schutz geltend gemacht machen. Ein solches Urteil sollte dann in Luxemburg nicht automatisch vollstreckt werden!

Ich bin überzeugt, dass Herr Rechtsanwalt Theisen Ihnen noch am Ende der Pressekonferenz für weitere Fragen gerne zur Verfügung steht.

C) En drëtte Punkt, dee mer Ich haut wëlle presentéieren, betrefft e Papp den am Kader vun enger Scheedung ugekloot gouf seng zwee ganz kleng Meedercher sexuell beréiert ze hunn. Och zu dem Thema hu mer Iech eng Zesummefaasung ausgedeelt.

Sou Ukloen sie leider net sielen a meeschtens vollkommen onbegrennt. Och an desem Fall hun esou wuel d'Police wéi och de Parquet d'Affaire no enger ganz grëndlecher Enquête klasséiert. De Mann ass onschelleg a muss onbedengt och viru Geriicht als onschëlleg gëllen! Trotzdem huet e lëtzebuergescht Geriicht dem zu Onrecht beschëllegte Papp kee normalt Besuchsrecht gin, mee en däerf seng Kanner nemmen ënner Surveillance gesin.

Dee Fall ass an der Justiz beschtens bekannt, an d'AHL wäert sech an deser Saach och nach eng Kéier un de Justizminister an un d'Magistratur adresséieren. Et gëtt Zäit dat eppes geschitt an dat d'Justiz de Courage huet hir Feeler ze korrigéieren!

D'AHL verlaangt:

- de **Respekt vun der Onscholdssuppositioun duerch d'lëtzebuerger Justiz**! Et däerf keng „présomption de culpabilité" an eisem Land ginn!

- dat dee betreffende Papp direkt e normalt Besuchsrecht kritt, fir dat hien mat senge Kanner nees eng ongestéiert Papp-Kand Bezéiung kann opbauen.

D) D'AHL huet leider och schon e puer mol op d'Behuelen vu verschiddene **Kanneraffekoten** missen agoen. Leider schengen verschiddener vun denen Affekoten net emmer d'Kanner sou ze vertrieden wéi se sollen Mir bieden Iech dozo och eis Erklärung iwer d'Rechter vun de Kanner op eisem Site ze liesen.

Verschiddener vun hinnen, schenge net ze verstoen,dat sie och do sin fir de Kontakt vun de Kanner mat denen zwee Elterendeeler ze ennerstetzen, sou dat et net zu engem Entfriemungseffekt ka kommen. („syndrome d'aliénation parentale")

Mir hun zum Beispill de Fall vun engem Papp, dee säi Kand net konnt gesin an dee sengem Bouw wollt iwer de Kanneraffekot e Bréif schecken. Déi betreffend Kanneraffekotin huet dem Bouw de Bréif awer méintelaang net gin! De Bréif läit och an Aerer Pressmapp.

D'AHL verlaangt:

- eng Reform vum Système vun de Kanneraffekoten, kloer deontologesch Regelen an d'Méiglechkeet fir engem Kanneraffekot dee seng Aarbecht net korrekt mecht, en Dossier wech ze huelen!

Dir Dammen an Dir Haeren,

D'AHL setzt sech och an, fir eng ëmfaassend Reform vun der Justiz. Verschidden Iddien, wéi zum Beispill d'Schaafen vun engem Familjegeriicht an d'Aféieren vun enger perséinlecher Responsabilitéit vum Magistrat interesséieren eis ganz staark. Mir setzen eis och an, fir d'Emsetzung vun der Kannerrechtskonventioun an d'Lëtzebuerger Recht.

Ech soen Iech Merci fir Aer Opmierksamkeet! Den Här Theisen, den Här Kartheiser an ech stin Iech elo fir Froen zur Verfügung.